# MENG GEMENG

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

JUNI - JULI 2023

## NATIONAL FEIERDAG

**FÊTE NATIONALE À PÉTANGE**

## ZU PÉITENG

## 23.6.

15.30 heures: **„OKE"**

18.00 heures: **„COOL FEET"**

21.00 heures: **„MAX MUTZKE"**

à partir de 15.00 heures & after concert party:
**„DJ MILES"**






**Édito** 3

*Nationalfeierdag – eis Identitéit als Chance fir d'Zukunft*

*La Fête Nationale – notre identité, une chance pour l'avenir*

**«Papa, tu étais né sous une mauvaise étoile!»** 4

*Les mots de Madame Jacqueline Moat ép. Belorgeot, la fille du Sergent Charles Moat, mort le 10 mai 1940 dans les premières heures de l'invasion du Grand-Duché par les troupes allemandes, reflètent bien le sort de ce jeune homme qui n'allait plus revoir les siens …*

**102,2 - mir sinn ON AIR** 6

*Den 22. Mee hat Radio Péiteng on Air op eng Porte ouverte vun de Raimlechkeeten an der fréierer Neoapostolescher Kierch zu Lamadelaine invitéiert. Hei konnten d'Visiteure quasi dee ganzen Dag iwwer e Bléck hanner d'Kulissen geheien an och erliewen, wéi et ass, wann een hanner dem Mikro sëtzt …*

**AGENDA** 8

*Avril - Mai - Juin*

**Wat war lass?** 11

**Pétange is Metal!** 16

**Mir gratuléieren** 27

**Nei Geschäfter | Nouveaux commerces** 29

**D'Gemeng informéiert** 30

*Ass Äre Pass nach gülteg?*

*«Mieux vaut prévenir que guérir»*

*Neie Mataarbechter*

*Coming soon – City App Péiteng*

*Zum Thema Gemengewalen*

*A propos des élections communales*

*Sträit an der Noperschaft? D'Mediatioun hëlleft*

**Nationalfeierdag 2023** 32


# IMPRESSUM


**Éditeur :**

Administration communale de Pétange

B.P. 23 • L-4701 Pétange

Tél.: 50 12 51-1000

Fax: 50 12 51-2000

www.petange.lu

commune@petange.lu

**Comité de rédaction :**

Pia Hansel, Jean-Paul Oms

**Photos :**

Service Culture et Communications, Laurent Blum, Milena Milenkovic, Famille Moat (Bar/Seine, France), Seniorie St Joseph Pétange, Jean Weiler, Sicona Ouest, istockphoto

**Mise en page & impression :**

Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN LUXEMBOURG

„Meng Gemeng", imprimé sur du papier 100% recyclé, paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange.

**Édition :**

Juin - Juillet 2023

ISSN 1993-0070

# Nationalfeierdag – eis Identitéit als Chance fir d'Zukunft

Den 23. Juni wäert Lëtzebuerg nees eng Kéier, esou wéi dat Traditioun ass, säin Nationalfeierdag feieren. Op um Duerf oder an der Stad, iwwerall wäerten d'Leit duerch hire Fändel, duerch hir Präsenz bei de Feierlechkeete weisen, datt si och houfreg sinn op hiirt Land. Ma et wier net d'Groussherzogtum oder bei eis, d'Gemeng Péiteng, wa mir net géifen eis Matbierger aus aller Häre Länner mat abezéien an si op deem Dag méi wéi soss deelhuele loossen un deem bedeitenden Dag.

D'Gemeng Péiteng, dat bedeit och fir Leit aus méi ewéi 180 Natiounen, déi hei friddlech liewen, Doheem ze sinn. Si koume bei eis fir net just bei eis, awer mat eis zesummen ze liewen, ze schaffen an ze feieren. Eisen Nationalfeierdag, dat ass och a gewësser Hisiicht hiren Nationalfeierdag.

Esou eng Gemeinschaft ass wichteg, si bréngt et fäerdeg, datt jiddereen do ass fir deen aneren an och hëlleft, wann emol eng Kéier Nout um Mann wier. Datt dat fonctionnéiert, dat konnt d'Gemeng Péiteng net méi spéit ewéi no dem Passage vum Tornado feststellen, wou d'Leit alleguer Hand an Hand geschafft hunn.

D'Lëtzebuerger Identitéit, zu där och eis Sprooch gehéiert, soll an dierf keen Ausschlosscritère sinn, ma éischter de Wee fir datt mir eis besser ënnerenee verstännege kënnen. Déi jonk Generatioune sinn dofir dat bescht Beispill. Nëmmen an engem Ëmfeld, wou een sech akzeptéiert fillt, ass et och méiglech, un engem Strang ze zéien. Dës Chance musse mir notzen, well eis Kanner sollen an enger Gesellschaft opwuessen, wou d'Mënschlechkeet nees am Mëttelpunkt steet.

De Schäfferot

Le collège des bourgmestre et échevins vous invite cordialement à assiter à la

## Célébration de la Fête nationale,

**le vendredi 23 juin 2023 d'après le déroulement suivant:**

**10.00 heures:** Rendez-vous au Centre des Loisirs à Lamadelaine et départ d'un cortège vers l'Eglise de Lamadelaine

**10.30 heures:** Te Deum solennel en l'Eglise paroissiale
Chant par les trois chorales Sainte Cécile de la Commune de Pétange

**11.00 heures:** Retour du cortège vers le Centre des Loisirs

**11.15 heures:** Célébration publique de la Fête nationale

Allocution officielle du bourgmestre - Promotion générale dans les Ordres nationaux - Vin d'honneur
Encadrement musical par les deux sociétés de musique de la commune de Pétange

Une navette d'autobus fonctionnera ce matin pour emmener les citoyens de Pétange et de Rodange à Lamadelaine
Départ à 9h30 aux arrêts „Pétange - Eglise", „Rodange - Hall sportif". Retour à 12h30 à l'arrêt „Lamadelaine - Ecole"

# «Papa, tu étais né sous une mauvaise étoile!»

*Les mots de Madame Jacqueline Moat ép. Belorgeot, la fille du Sergent Charles Moat, mort le 10 mai 1940 dans les premières heures de l'invasion du Grand-Duché par les troupes allemandes, reflètent bien le sort de ce jeune homme qui n'allait plus revoir les siens. Mais qui était donc ce vaillant soldat français, prêt à affronter l'ennemi sur le territoire luxembourgeois?*

## Des années mouvementées

Charles Jacques Moat est né le 31 juillet 1915 à Troyes dans le Département de l'Aube. Ses parents divorcent quand il n'a que 5 ans et le jeune garçon part avec sa mère vivre à Colombes. En 1923, elle se remarie, mais devient veuve quelques années plus tard. Finalement, avec son 3e mari, la mère de Charles Moat déménage au Havre où Charles fréquente l'école communale. D'ailleurs en «bon élève».

À l'âge de 15 ans, le jeune homme devient liftier à la Compagnie Générale Transatlantique et fait de multiples traversées Le Havre - New-York. Hélas, sa mère décède en 1929 et, de nouveau, Charles Moat doit s'adapter à une nouvelle vie cette fois-ci auprès de sa grand-mère maternelle à Troyes qui lui offre un foyer et assure son éducation.

C'est à un bal de société que le jeune homme âgé d'une vingtaine d'années va tomber amoureux de Denize, une jeune fille de Sainte-Savine qu'il va épouser en 1935. L'année suivante, pendant son service militaire à Chaumont en Haute Marne, Charles Moat va voir naître sa fille Jacqueline. Puis un petit frère, Michel suivra en 1938. Deux enfants qu'il aime de tout coeur et qu'il n'oublie jamais de mentionner chaleureusement dans ses lettres du « front».


## Les derniers mots



Des lettres qui décrivent la situation intenable des soldats - «Si tu voyais la couche de boue qui recouvre mes chaussures!» -, des soldats qui sont en attente et qui vivent dans des conditions exécrables.

Un témoignage de la première ligne de défense sera suivi par des mots révélateurs en ce qui concerne le moral des troupes: «… je com-






En tous cas, saches une chose. Si je n'en reviens pas, je serais parti en pensant bien à vous trois… à vous trois que j'aime tant.
Je ne te dis pas adieu mais au revoir.
Je t'embrasse comme je t'aime ainsi que Liline et Michou. Bons baisers à Maman et à Pépère.
Mille caresses de ton

P.S. Il tombe encore de la neige!






*Le 10 mai 2023, Madame Jacqueline Moat ép. Belorgeot, accompagnée de son mari, de sa fille et de son gendre, a fait le voyage – comme déjà tant de fois - des environs de Troyes jusqu'à Lamadelaine afin de se receuillir sur la tombe de son père. Lors d'une réception offerte par la commune de Pétange en l'honneur de la famille Moat, la fille du Sergent Charles fut invitée à signer le Livre d'Or de la commune.*

mence à cafarder. Le moral devient mauvais … et cela c'est mauvais signe».

Mais malgré tout, il n'a cessé d'espérer revoir sa petite famille à Troyes. Espoir qu'il exprime dans une lettre du 20 avril 1940 et qui se termine par : « A très bientôt j'espère … ».

Malheureusement, la situation politique en Europe n'a pas voulu que cette petite famille reste unie bien longtemps. Après sa dernière lettre qui parvient à ses proches les plus chers le 28 avril, c'est le silence. Un silence accablant, une incertitude lourde jusqu'en décembre 1941 quand une lettre de la Croix Rouge suisse confirme le décès du Sergent Charles Moat. La fin d'une attente trop longue et de l'espoir de revoir le mari, le père.

En honorant la mémoire de ces soldats inconnus de la majorité des citoyens, nous honorons leur courage et leur sacrifice mais aussi les familles de tous ceux qui n'ont jamais revu leur terre natale. Ce sont elles qui ont dû surmonter la mort d'un être cher et apprendre à gérer le quotidien qui ne sera plus jamais pareil. C'est au tour de la jeune génération de sauvegarder cette mémoire, de tirer les bonnes leçons de l'histoire afin que de telles tragédies ne puissent se répéter.



# 102,2 - mir sinn ON AIR

*Den 22. Mee hat Radio Péiteng on Air op eng Porte ouverte vun de Raimlechkeeten an den AUDEO, der fréierer Neoapostolescher Kierch zu Lamadelaine, invitéiert. Hei konnten d'Visiteure quasi dee ganzen Dag iwwer e Bléck hanner d'Kulissen geheien an och erliewen, wéi et ass, wann een hanner dem Mikro sëtzt. Radio Péiteng on Air, dat ass eng Iddi, eng Geschicht, déi schonn e puer Joer zeréckläit an déi an der Tëschenzäit eng Erfollegsstory ass.*

### E kuerze Bléck zeréck

Zesummen hunn de Roland Breyer, den Alain Krecké an den André Weber dee grousse Schratt gewot an hir Iddi vun enger Radiosstatioun an der Gemeng Péiteng ëmgesat. Kollege goufen ugeschriwwen, technescht Material ugeschaf ier et dru goung, geeegent Raimlechkeeten ze fannen.

Fir d'éischt goung et an den Home St Hubert op den 2. Stack, wou sech op enger klenger Fläch geplot gouf fir e flotten a ganz breet gefächerte Programm op d'Been ze stellen. An nodeems den AUDEO zu Rolleng am Optrag vun der Péitenger Gemeng a Betrib geholl gouf, krut och de Radiossender en neit Doheem. En Doheem, wou net just d'Studioen, ma och d'Equipement um leschte Stand sinn.

### En Team vu 14 Leit

Sief et nach duerch d'Drécke vun engem Knäppchen oder awer d'Streamen um Internet, fir d'Nolauschterer ass et einfach, sech hire Sender erauszesichen. Ma fir datt iwwerhaapt eng Emissioun entsteet, heescht et fir d'éischt Leit ze fannen, déi sech fir de Radio begeeschtere kënnen, déi hir eegen Iddie wëllen abréngen. Bei Radio Péiteng on Air sinn ëmmer nees nei Leit, nei Stëmme wëllkomm, déi hiren Deel zum Erfolleg bäidroen. An de leschte Joren huet sech de „Pool" no an no vergréissert, aus deene puer Stëmme vum Ufank goufen et bis haut am ganze 14 Leit, déi regelméisseg senden. Ma gesicht gëtt ëmmer ... wann Dir also Loscht an Zäit hutt, da melt Iech bei Radio POA.

### De Speaker, d'Stëmm hannerem Mikro

Ween sech dofir entscheet, bei Radio POA matzemaachen, dee muss sech och bewosst sinn, datt alles op fräiwëlleger Basis geschitt. An et ass schonn e bësse mat Aarbecht verbonnen, wann een och wëll fir eng gutt Sendung suergen. Jidder Speaker












sicht seng eege Musik eraus, déi soll am Laf vun der Emissioun gespillt ginn. Dobäi muss een, esou de Claude Frankard (President vu Radio POA) an den André Weber (fréier och ënner dem Numm Käptn'Ändä bekannt), ongeféier 2 Stonnen Aarbecht – op d'mannst – fir 2 Stonnen Emissioun pro Woch an d'Virbereedung stiechen. Viraussëtzung fir all Speaker: eng akzeptabel Stëmm hunn an och gutt artikuléieren, esou datt een däitlech eriwwerkënnt.

### Theme vun de Sendungen

Den Opbau vun enger Sendung hänkt natierlech ëmmer dovunner of, ob just Musik gespillt gëtt oder dach en Interview, Sport a villes méi mat erakënnt. Esou kann een sech z.B. fir d'Top 20-Charts um Internet schlau maachen an doropshin déi Lidder virbereeden, déi solle gespillt ginn. Lauschtert een de Culture Club mëttwochs – mat oder ouni Gäscht –, da geet d'Zäit ganz séier eriwwer well d'Themenvielfalt mat Neiegkeeten aus dem Sport, mam Wieder, dem Gemengenagenda, Interviewen a villes méi alles seng Zäit brauch an 1 oder 2 Stonnen dann zimlech séier laanscht sinn.

### Déi léif Technik!

Beim éischte Bléck an e Studio schéngt alles immens kompliźéiert ze sinn. Vum Mëschpult iwwer de Mikro an déi verschidde Computerschiermer, dat gesäit sech un ewéi wann ee fir d'éischt emol nach misst a Course goen. Dëst ass awer net onbedingt de Fall, well et ass vill automatiséiert a gëtt mat der Zäit och zu enger Routine. Eng Routine, déi zwar och net esou „ohne“ ass, well sech genee dann, wann ee mengt, alles ze kennen, emol deen een oder anere Feeler aschläiche kann. Ma wann eppes schief geet, da stinn d'Kollegen zur Verfügung fir ze hëllefen. Sief dat am Gebai selwer oder iwwer Telefon bis nees alles leeft.

Och mam Internet soll den Animateur sech nawell auskennen, well d'Musik iwwer youtube erofgeluede gëtt – natierlech ass dëst iwwer eng Konventioun gereegelt. 2-3 Back-up-Maschinne späicheren d'Musiksdaten, déi um Computer gesicht kënne ginn.

Eng gutt Sendung un d'Leit bréngen, dat hänkt net just vum richtege Speaker of, och d'Material, mat deem geschafft gëtt, muss vu gudder Qualitéit sinn. An dorunner gouf bei Radio POA net gespuert. Dat ass immens wichteg, well z.B. déi 3 Mëschpulter 24 Stonne lafen.

### D'Zukunft vum Radio

Wann am Ufank de Radio POA just en Internet-Radio war, esou huet sech dat geännert nodeems en eng Frequenz zougeuerdnet krut: Den 102,2 Mhz op där de Radio nach ëmmer ka gelauschtert ginn.

Zu Lëtzebuerg ass awer schonn un d'Zukunft vum Radio geduecht ginn. Den DAB+, d.h. den Digitalradio gouf schonn an enger Testphas agefouert an et sinn eng Rei Senderen, dorënner och Radio POA, déi dësen Ausstrahlungswee testen. Et gëtt vun den Anlagen zu Diddeleng an zu Housen gesent. Duerch dës Technik kann ee Radio POA, awer och déi aner regional respektiv lokal Sender am ganze Land lauschteren – am Géigesaz zu elo – an et sollen dann och keng Problemer méi gi wann een an esou genannte „Lach“ kënnt ewéi an en Tunnel. 2024 soll dat viraussichtlech fonctionnéieren.

Bis dohin ... vill Spaass beim Nolauschteren!



## Kontakt: Radio POA

44, rue du Moulin · L-4882 Lamadelaine

e-mail: poa@pt.lu oder clfrankard@gmail.com
(fir Interessenten, déi aktiv matmaache wëllen)

**Eise Programm fannt Dir op eisem Site:**
**www.peitengonair.lu/programm/**

# AGENDA

## Juin-Juillet

**09.06. – 18.06.**
### KIERMES AM DUERF
Péiteng – place J.F. Kennedy a place du Marché

Org.: Association des professionnels des foires et marchés asbl

**13.06.**
### GRAND MARCHÉ
Pétange – place J.F. Kennedy de 8h00 à 18h00

Org.: Association des professionnels des foires et marchés asbl

**18.06.**
### MAMMENDAGSFEIER
Péiteng – Kulturhaus A Rousen vu 15 bis 18 Auer

Org.: Coin de Terre et du Foyer Pétange







### PABEIERSAMMLUNG ZU RODANGE A LAMADELAINE
**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**LAMADELAINE:**
**DEN 09.06., 14.07. AN 11.08**
**RODANGE:**
**DEN 16.06. A 21.07.**

Org.: Gemeng Péiteng



### PABEIERSAMMLUNG ZU PÉITENG
Vu moies fréi bis nomëttes

**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**


**PÉITENG:**
**DEN 10.06., 01.07. AN 05.08.**

Org.: Guiden a Scoute vu Péiteng

**17.06.**
### AUDITION MIXTE – GOURMANDISES MUSICALES
Pétange – Ecole de Musique (préau)

Début: 15h00

Org.: Péitenger Museksschoul




**19.06. an 10.07.**
### BICHERBUS
Péiteng, J.F. Kennedy-Plaz vun 10.45 bis 11.45 Auer

Rodange bei der Sportshal rue Jos. Moscardo vun 13.15 bis 14.15 Auer

Gratis Bicher, Audio-Bicher an DVDe léinen.

Info iwwer Tel.: 80 30 81 (Romain Kayser) oder per E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu

Um Internet ënner: https://cutt.ly/ewKPTuE

Org.: Kulturministère

Plus d'informations sur www.petange.lu




## 30.06.
## RÉUNION DES MEMBRES DE LA SECTION KORDALL

Lamadelaine – Centre de loisirs
début: 19h00

Org.: OGBL Section Kordall




## 04.07.
## JOURNÉE AMÉRICAINE PÉTANGE

A 16h30 – cérémonie devant le Monument H. Josefson

Cortège vers le centre de Pétange

De 17h00 à 19h00 – Concerts des Bigband & Swingband d'American Music Abroad

Entrée libre

Org.: Syndicat d'initiative et de tourisme de la Commune de Pétange

## 05.07. et 02.08.
## MARCHÉ MENSUEL

Pétange – place J.F. Kennedy

De 8h00 à 12h00

Org.: Association des professionnels des foires et marchés asbl

## 06.07.
## ASSEMBLÉE GÉNÉRALE

Pétange – Maison de la Culture A Rousen

début: 18h00 · Entrée libre

Org.: Association Classe de Neige de la Commune de Pétange

## 07.07.
## SIMPLY YOGA

Pétange - Site WAX

Inscriptions obligatoires
par e-mail: info@sitp.lu ou
tél.: 621 630 500

Org.: SITP

## 08.07.
## STROOSSEMAART ZU PÉITENG

place J.F. Kennedy · à partir de 8h00
Activités en plein air

Org.: Association des professionnels des foires et marchés asbl




## 09.07.
## ZCHICAS GALA

Péiteng – Sportzenter Bim Diederich
vu 15.00 bis 18.00 · Tariff: 18€

Org.: ZChicas Luxembourg







## 12.07.
## SOIRÉE COMBO

Pétange – Centre WAX
(2, rue d'Athus) · début: 18h30

Org.: Péitenger Museksschoul

## 18.07.
## RÉUNION

Lamadelaine – Centre de loisirs

Entrée libre · début: 15h00

Org.: Yemba Luxembourg




## 21.07.
## KIERMES AM DUERF

Lamadelaine – Parking bei der Schoul

Org.: Association des professionnels des foires et marchés asbl

## Ausstellungen / Expositions
## KULTURHAUS A ROUSEN

place du Marché - L-4760 Pétange

## CORINNE TURCHINI & FRIENDS
## du 7 au 9 juillet 2023

Exposition ouverte tous les jours entre 15h00 et 18h00

Org.: Syndicat d'initiative et de tourisme de la Commune de Pétange

## MINETTPARK FOND-DE-GRAS
## AUSSTELLUNG / EXPOSITION

Paul Wurth-Hall

## „MÄR SCHMËLZEN“ VUM JACQUES SCHNEIDER

D'Ausstellung ass sonndes a feierdaags (ausser den 23. Juni) op bis den 1. Oktober vu 14 bis 18 Auer

## 23.07.
## OLDTIMER AM FOND-DE-GRAS

Ufank: 11 Auer

Parking rue de Niederkorn in Petingen (empfohlen)

Hin- und Rückfahrt mit dem Train 1900 ab 10.30 Uhr

Musikalische Unterhaltung, Erfrischungen, Grillspezialitäten und Kuchen werden

**Infos ënner www.minettpark.lu**

## 22.07.
## VOCALS ON TOUR

Pétange – place J.F. Kennedy
début: 19h30 · Entrée libre

Org.: Syndicat d'initiative et de tourisme de la Commune de Pétange

clubsenior

## CLUB SENIOR PRËNZEBIERG

**27-29, rue Michel Rodange zu Déifferdeng**
**Umeldungen an Aschreiwungen iwwer Tel.: +352 26 58 06 60**
**Viremente fir Reservatiounen op de Konto – CCPLULL – IBAN LU91 1111 1007 2640 0000**

## 20.06.
## VISITT OURDALL A CORNELYSHAFF

E flotten Dag am Norde vum Land
Visit vum Bauerenhaff Ourdall
Mëttegiessen um Cornelyshaff
Degustatioun vu Ourdall-Produkter

Rendez-vous: 8.15 Auer um Parking Plateau des Hauts Fourneaux

Präis: 42€ (Visitten, Iessen, Degustatiounen, ouni Gedrénks) an 22€ fir den TransportVisit vum Maart awer och vum Stiedchen

## 04.07
## LE MUSÉE DE LA MINE ET LE MONDE DE GULLIVER

Visite guidée du musée minier de la Saare – Repas de midi
Visite du monde en miniature Gulliver à Bexbach

Rendez-vous: 8h35 au Centre sportif Bim Diederich à Pétange

Retour à 17h00

Prix: 38€ pour membres (repas exclu), 53€ non-membre

## 25.07.
## VISITT FREILICHTMUSEUM ROSCHEIDER HOF

Féierung mat Informatiounen zur Vollekskultur ronderëm Musel a Saar
Workshop fir Wollveraarbechtung a Léngent

Rendez-vous: 9.30 Auer um Parking Plateau des Hauts Fourneaux

Retour géint 17 Auer

42€ (Bus, Visitt, Atelier, Buffet, Gedrénks ass NET abegraff)









# Wat war lass?

**28.03.2023** - *C'est au cours d'une réception en présence de la  ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable que la commune de Pétange, représentée par les échevins Jean-Marie Halsdorf et Romain Mertzig, a reçu le Certificat d'Excellence «pour son engagement et ses efforts en matière de maîtrise des risques dans la gestion des infrastructures d'eau destinée à la consommation humaine».*








**31.03.2023** - *Am Kader vum Klimapakt-Dag 2023 zu Munneref am Domaine Thermal kruten eng Rei Gemengen hir Klimapakt-Zertifikatiounen a Präsenz vun der Ëmweltministesch Joëlle Welfring an dem Energie- a Landesplanungsminister Claude Turmes iwwerreecht.*
*Péiteng war och bei deenen 28 Gemengen, déi eng Zertifikatioun mam Niveau 50% vun de Punkten, déi kënne realiséiert ginn, kruten.*


**21.04.2023** - *Dans le cadre de la cérémonie officielle pour célébrer les 20 ans d'existence du Syndicat PRO-SUD à Esch-sur-Alzette, les membres du comité du syndicat de communes pour la promotion et le développement de la région Sud, ont signé une déclaration d'intention. Elle a pour vocation de procéder à des efforts conjoints et coordonnés au niveau de la « Minett Unesco Biosphere » pour mettre en œuvre une décarbonation complète de toute la région. Les communes membres veulent œuvrer ensemble pour définir une approche régionale « climatiquement neutre ».*



**17.04.2023** - *En présence du ministre de la mobilité François Bausch, du directeur des CFL Marc Wengler, du collège échevinal de Pétange et d'invités, le nouveau parking P&R des CFL avec 1570 emplacements (20 places pour personnes à mobilité réduite et 44 places pour voitures électriques) fut officiellement inauguré et sera désormais disponible pour les automobilistes. L'accès se fait par l'avenue de l'Europe. Sur l'application P+R CFL, les renseignements afférents peuvent être consultés.*







**18.04.2023** - *Zënter 1999 ginn an der Péitenger Gemeng Kartéierungen an de klenge Gewässer gemaach. Op dës Manéier kann d'Präsenz vun Amphibien dokumentéiert ginn. Sicona-Mataarbechter hunn, nodeems verschiddentlech Falen opgestallt goufen, gekuckt, wat fir Aarten ze fanne waren. 172 Déiere konnten esou a 16 Gewässer nogewise ginn. Och eng ganz seelen Aart vu Molchen, de Kammmolch, gouf dobäi entdeckt. Informatiounen, déi och gären un d'Vertrieder vun der Gemeng um Terrain weidergi goufen.*







**19.04.2023** - *In Petingen laufen die Arbeiten noch zwecks einer Vergrößerung des Schulgebäudes An Eigent. Kürzlich stand jedoch das Ende einer wichtigen Etappe des Projektes an: das Richtfest an der Holzbaukonstruktion. Hier sollen in Zukunft u.a. weitere Klassensäle sowie ein Konferenzraum entstehen. Im Außenbereich sollen ein überdachter Bereich und ein Fahrradunterstand eingerichtet werden.*






**19.04.2023** -*D'Geschichtsfrënn aus der Péitenger Gemeng haten eng ganz interessant Konferenz am Kulturhaus organiséiert, wou et ëm déi „Lëtzebuerger Kolonialvergaangenheet" goung. Den Historiker Régis Moes huet virun engem gutt gefëllte Sall eng helle Wull un Informatiounen iwwer dës Period vun eiser Geschicht beliicht. Eng wichteg Lektioun, bei där jiddereen eppes bäigeléiert huet.*








**21.04.2023** - *Bei der Rodanger Sportshal gouf dëser Deeg dat neit Parkhaus ageweit. Fir de Bändchen duerchzeschneiden haten sech d'Membere vum Schäfferot esouwéi Vertrieder aus dem Gemengerot an eng Rei Gäscht zu Rodange afonnt, wou de Buergermeeschter ervirgehoff huet, datt dës nei Struktur dozou bäidroe wäert fir dem Manktem u Parkplazen an der Uertschaft entgéintzewierken. Uschléissend huet d'Gemeng op de Patt invitéiert.*










**21.04.2023** - *Am Fond-de-Gras housch et dëser Deeg d'Lokomotiv Energie 507 an de Reie vun der AMTF wëllkomm ze heeschen. Fir e Moment goufen d'Gäscht – ënner hinnen och den Tourismusminister Lex Delles – an d'Ära vun den Dampzich versat, déi viru Jorzingte schwéier Laaschten iwwer d'Schinne gezunn hunn. No der leschter Revisioun an England ass d'Maschinn, déi elo nees a beschter Form ass, offiziell ageweit ginn.*





**21.04.2023** - *Vor einem Jahrzehnt haben sich die „Lëtzebuerger Schlager- a Volléksmusekfrënn“ zusammengetan und sich für ihre musikalischen Vorlieben eingesetzt. Daraus ist ein Verein entstanden, der sich großer Beliebtheit innerhalb sowie außerhalb der Gemeinde erfreut. Anlässlich des Jubiläums hatte die Gemeinde zum Ehrenwein eingeladen und auch der Schlagersänger Graziano wusste zum 10. Geburtstag des Vereins seine Fans wieder zu begeistern.*









**26.04.2023** - *Mat e puer Show-Einlagen, enger gudder Portioun Humor an enger sëffeger Basis huet de Marco Feltgen am Kader vu Pétange Culinary an der Rollenger Mille gewisen, wéi ee gutt Cocktaile mixe kann. Den Numm op der Fläsch kombinéiert mat der richteger Mooss an den Accessoirë vum Barman waren de Garant fir exzellent Rezepter, déi d'Participante selbstverständlech gär geschmaacht hunn.*









# Pétange is Metal!



**15.04.2023** - *Nodeems sech d'Metal-frënn schonn d'lescht Joer am Home St. Hubert fir e Megaconcert getraff haten, war och am Abrëll nees eng Kéier en Owend mat vollem Programm ugesot. Bekannten Nimm aus der Lëtzebuerger Szen ewéi Desdemonia oder Scarlet Anger hunn sech et net entgoe gelooss fir bei hire Fans fir Begeeschterung ze suergen.*




















**22.04.2023** - *Eh oui, le weekend du 21 et 22 avril était bel et bien placé sous le signe de la charité avec les nombreuses manifestations au profit du Télévie. A Rodange, centre de promesse permanent, un chèque de 109.423€ fut révélé par Josette Conzemius-Holcher lors d'une retransmission en direct à la télévision. Une somme impressionnante qui sera investie dans la recherche contre le cancer, une maladie qui fait toujours ravage mais dont les traitements ne cessent d'être améliorés.*
















**23.04.2023** - *Op eng laang Veräinsgeschicht huet d'Chorale municipale Ons Hemecht dëst Joer zeréckgekuckt. Duerch de Covid hunn d'Feierlechkeeten e bëssi waarde mussen, ma dat huet awer net geheescht, datt déi 100 Joer net grouss opgezu goufen. Nom Gala Concert am Mäerz stoungen elo eng Ausstellung esouwéi d'Séance académique un, wou den Éirebuergermeeschter Roger Klein a sengem Exposé op d'Geschicht vun der Chorale agaangen ass.*

















**27.04.2023** - *De Sall am Hôtel Threeland war gutt gefëllt ewéi Radio Péiteng on Air op e Ronndëschgespréich mat Vertrieder vu deene verschiddene Parteien am Virfeld vun de Gemengewalen invitéiert hat. Nieft dem Thema Sécherheet stoungen och nach de Verkéier esouwéi de Wunnéngsbau op der Dagesuerdnung duerch déi de Firmin Martiny gefouert huet. En interessanten éischten Abléck an d'Iddie vun de Parteie fir d'Nolauschterer am Sall.*












**29.04.2023** - *Amplaz sech vum Train 1900 féieren ze loossen hat d'Gemeng Péiteng sech kierzlech eng flott Alternativ fir Visiteuren afale gelooss: eng Fahrt mat den Draisine vum Fond-de-Gras bis an de Fuussbësch an zeréck. Zu Fouss goung et vum Fuussbësch op d'Rollenger Millen, wou eng Féierung ugebuede gouf. Uschléissend goung et mat Muskelkraaft zeréck an de Fond-de-Gras, wou d'AMTF bei der Gare fir de Kascht vum Grill gesuergt huet.*









**29.04.2023** - *C'est à bord du «Welcome bus» que la commune de Pétange a voulu souhaiter la bienvenue à un groupe de nouveaux résidents qui ont participé à ce tour organisé afin qu'ils se familiarisent avec leur nouvel environnement. Au programme figuraient les points d'attrait communaux mais également une réception offerte à la mairie. Un geste apprécié par les nouveaux arrivants.*





**10.05.2023** - *Virun 83 Joer, den 10. Mee 1940, gouf Lëtzebuerg vun den däitschen Truppen iwwerrannt a seng Neutralitéit einfach ignoréiert. Op deem Dag sinn och eng etlech franséisch, englesch a kanadesch Zaldote gefall wéi si probéiert hunn, sech där feindlecher Arméi entgéintzestellen. Hinnen all, awer och all den Zwangsrekrutéierten an deenen, déi an der Zäit vun der Besatzung – an och duerno - gelidden hu gouf mat Blummennéierleeunge geduecht.*












**13.05.2023** - *Beweegung ass voll am Trend, en Trend, deen sech och dëst Joer nees op der Nuit du Sport an der Péitenger Gemeng gewisen huet. Sief et beim Turnen, Basketball oder beim Training vun der Arméi, et war fir jiddereen eppes do fir ze probéieren. Wien net esou vum Halesport ugedoe war, dee konnt och op de Péitenger Weier goen, wou den Ëmgang mat der Angel am Mëttelpunkt stoung. A ween tëschenduerch oder um Schluss duuschtereg respektiv hongreg war, dee krut och nach eng kleng Stäerkung, fir déi beschtens gesuergt war.*

















**14.05.2023** - *Mit Volldampf zum Gin Festival nach Fond-de-Gras, eine solche Anfahrt zum Veranstaltungsort ist nicht alltäglich. Die Besucher waren auf jeden Fall angetan und durften sich nicht nur auf die Verkostung unterschiedlicher Gin-Sorten zahlreicher in- und ausländischer Anbieter freuen. Auch Foodtrucks und Live Musik sorgten in der und um die Paul Wurth-Halle herum für beste Stimmung.*















**15.05.2023** - *C'est dans le cadre idyllique du Fond-de-Gras que l'association AMTF Train 1900 avait invité à l'inauguration du wagon Fourgon Mw942 au Fond-de-Gras. Le wagon d'origine prussienne construit en 1921 est entré en service des CFL en 1945. Le maire Pierre Mellina ainsi que le directeur de ProActif, François Georges, ont souligné l'excellent travail de l'équipe ainsi que l'importance du soutien pour le ProActif dans ses efforts de réinsertion professionnelle des personnes sous sa garde.*










**17.05.2023** - *Wéi all Joer huet och 2023 de Syndicat d'Initiative et du Tourisme aus der Péitenger Gemeng op seng Diplomiwwerreechung agelueden. 170 Laureaten hunn d'Joer bestanen a ware frou, fir hir Leeschtung belount ze ginn. Si waren an de Coursë Lëtzebuergesch a Franséisch ageschriwwen. Uschléissend un d'Receptioun gouf och nach e klenge Maufel vum Grill opgedëscht, wou déi äifreg Studenten a Studentinnen hir Sproochekenntnisser ausprobéiert hunn.*





**17.05.2023** - *En présence de représentants du ministère des Sports, de la Fédération Luxembourgeoise de Football, d'édiles de la commune de Pétange ainsi que d'invités, la nouvelle tribune du Stade Jos. Philippart fut inaugurée. A côté de cette construction moderne avec e.a. 320 places, de nouveaux vestiaires, sanitaires et bureaux, le talus côté gradins fut également stabilisé et rééquipé. Et avec le parking couvert juste à côté, les fans pourront vraiment profiter des matchs de football à Rodange.*












**20.05.2023** - *Tag der offenen Tür hieß es bei Radio Péiteng on Air, dem lokalen Sender, dessen Studio sich in der ehemaligen Neuapostolischen Kirche in Lamadelaine befindet. Neben der Vorstellung der Einrichtungen durften die Besucher auch kurz hinter dem Mikrofon Platz nehmen. Die Neugier und die Begeisterung waren allgegenwärtig. Und wer weiß, vielleicht wird bald eine neue Stimme das Programm von POA bereichern …*







**24.05.2023** - *Enn 2022 gouf de Projet vun enger neier Maison Relais zu Péiteng an der rue Pierre Hamer am Gemengerot virgestallt an och gestëmmt. An dësem neie Gebai sollen eng ronn 200 Kanner betreit ginn. Dëst Haus, wou vill ronderëm, um Daach an un der Fassad geplanzt soll ginn, gëtt och mat der Villa Reebou iwwer eng Bréck verbonnen.*
*Bei dëser Geleeënheet ware Memberen aus dem Péitenger Schäffen- a Gemengerot, den Educatiounsminister Claude Meisch a Vertrieder vun dem technesche Service vun der Gemeng a vun de Betriber vertrueden.*










# Mir gratuléieren!



Schonn am Oktober 2022 huet d'**Madamm Rose Ferring-Gebhardt** vu Rodange hiren 90. Gebuertsdag gefeiert. Selbstverständlech war dëst e groussen Dag fir d'Gebuertsdagskand, dat fir dëst Fest nëmmen déi beschte Gléckwënsch entgéintgeholl huet. E gudde Patt fir unzestousse stoung natierlech och um Programm.

Fir hire 95. Gebuertsdag krut d'**Madamm Anna Pulcini-Detaille** an der Seniorie St Joseph zu Péiteng ganz vill léif Wënsch entgéintgeholl. A fir dëse groussen Dag gouf och mat engem gudde Pättchen ugestouss.





Den 19. Abrëll gouf d'**Madamm Nelly Adamy**, déi an der Seniorie St. Joseph zu Péiteng doheem ass, 90 Joer jonk. Dat housch net nëmme vill léif Felicitatiounen, ma och eng Geleeënheet fir e Glieschen ze genéissen.

An der Parkstrooss zu Péiteng goung et däser Deeg och héich hir ewéi den **Här Fernand Genewo** op 90 Joer zeréckgekuckt huet. Bei däser Geleeënheet krut hien häerzlech gratuléiert an ass och fir dëse ronne Gebuertsdag verwinnt ginn.





C’est un événement que peu de couples ont la chance de célébrer: les noces de diamant. Mais il y des exceptions. Ainsi, les **époux Catherine Fournelle et Norbert Disson** ont, après 60 ans de mariage, renouvelé leur voeu d’antan devant le collège échevinal. Félicitations!

En halleft Jorhonnert ass vergaangen zënter **d’Régine Bettendorf an de Joseph Stiefer** sech d’Jo-Wuert ginn hunn. Dëst Verspriechen hunn si elo virum Buergermeeschter an de Membere vum Schäfferot erneiert a freeën sech, zesumme mat der Famill a mat de Frënn, op all déi Joren, déi si nach zesumme verbrénge wëllen.



# Nei Geschäfter

## Yummy

Zu Péiteng ass en neie Restaurant opgaangen, deen eng gutt asiatesch Kichen ubitt. Am **Yummy** gi japanesch an thailännesch Spezialitéiten op den Dësch bruecht.

**Wéini ass op?** De Yummy ass all Dag ausser dënschdes (et sief dann, dëst wier e Feierdag) vun 12 bis 14.30 Auer a vun 18 bis 22.30 Auer op.

Nieft enger flotter Ambiance am Restaurant selwer kann een sech awer och d'Iessen heem liwwere loossen. D'Livraisoun ass gratis ab enger Bestellung vun 30€. Geliwwert gëtt an der Péitenger Gemeng, zu Lenger, Käerjeng, Uewerkäerjeng, Suessem an Nidderkuer.

**Kontakt: 26, route de Luxembourg · L-4760 Pétange**
**Tél. +352 26650285**
**www.yummy.lu**





# Nouveaux commerces

## Pao Doce

Dans la rue Gaessel à Pétange, une nouvelle épicerie-boulangerie – **Pao Doce** – a ouvert ses portes. La clientèle y trouve de nombreuses variétés de pains et de viennoiseries, des tartes et gâteaux mais également des produits épicerie tels que des légumes et des fruits.

**Horaires:** le magasin est ouvert du lundi au vendredi de 7 à 19h00, le samedi de 8 à 18h00 et le dimanche de 8 à 12h00.

Les clients peuvent également profiter d'une salle de consommation. Des commandes peuvent être faites sur place ou par téléphone.

**Contact: 16, rue Gaessel · L-4732 Pétange**
**tél.: +352 621 469 834 ou +352 621 579 757**
**ou par e-mail maria@mariaimmo.lu**






# Ass Äre Pass nach gülteg?

D'Vakanzenzäit steet virun der Dir an domat och de richtegen Zäitpunkt fir ze kontrolléieren, ob et net Zäit ass fir en neie Pass unzefroen. Opgepasst: an enger Rei Länner muss de Pass nach 6 Méint gülteg si wann een areest oder um Verfallsdatum vum Visa, deen een eventuell brauch fir anzereesen.

Lëtzebuerger kënnen en neie biometresche Pass ufroen andeems si dës Schrëtt maachen:



1 Eng Taxe op de Konto CCPLLULL IBAN LU46 1111 1298 0014 0000 vum Passbüro iwwerweisen an uginn „Demande de passeport biométrique pour PRENOM/NOM“.
   30€ kascht e Pass fir Kanner ënner 4 Joer, deen 2 Joer gutt ass.
   50€ kascht e Pass fir jiddereen iwwer 4 Joer, dee 5 Joer gutt ass.
2. Eng Demande op der Gemeng maachen an d'Quittung matbréngen als Bewäis, datt d'Taxe scho bezuelt gouf. Deen ale Pass, wann ee schonn een hat, soll ee matbréngen. Am Biergerzenter gëtt dann och eng Passfoto gemaach.
3. Deen neie Pass kann entweder am Empfang vum Biergerzenter op der Gemeng respektiv um Passbüro ofgeholl ginn.

Weider Informatioune ginn et och op www.guichet.lu.

Renseignementer wéi a wou een e Visa fir an e Land ufroen fënnt een op https://bit.ly/2JqIqEp

**Opgepasst!** Bierger mat engem auslännesche Pass mussen sech un hir Botschaft oder hire Konsulat wende wann si en neie Pass brauchen.

**Attention!** Les citoyens ayant un passeport non-luxembourgeois devront s'adresser à leur ambassade ou consulat pour faire une demande d'un nouveau passeport.

# «Mieux vaut prévenir que guérir»

Le service de prévention «Départ en vacances» mis en place par la police est proposé tout au long de l'année aux habitants qui sont absents pendant une période prolongée. Les citoyens et citoyennes peuvent s'inscrire en ligne au service susmentionné de la police (https://police.public.lu/fr/commissariat-virtuel/depart-vacances.html).

**Contact: Service national de prévention de la criminalité (SNPC)**

**Tél. +352 244 24 4033**

**e-mail: prevention@police.etat.lu**

# Neie Mataarbechter

Am Biergerzenter hunn d'Mataarbechter Verstäerkung kritt an der Persoun vum Filipe **Capinha Heliodoro**. Hien huet den 2. Mee ugefaangen am Biergerzenter ze schaffen.








# Zum Thema Gemengewalen



Den 11. Juni si Gemengewalen hei zu Lëtzebuerg. An der Gemeng Péiteng ginn et 19 Walbüroen. Well d'Awunnerzuel vun der Gemeng iwwer 20.000 Bierger/Biergerinne läit, ginn dës Kéier 19 Kandidate gewielt. **Jidderee MUSS an däer Uertschaft wielen, wou e wunnt.**

### Wou sinn d'Walbüroen?

- Zu Péiteng am Schoulgebai „An Éigent“ (rue Mathias Adam)
- Zu Lamadelaine am Fräizäitzenter (rue Grousswiss)
- Zu Rodange am Schoulgebai „Neiwiss“ (rue de la Gendarmerie)

D'Wallokaler si vu genee 8 Auer bis genee 14 Auer op. Virdrun an duerno gëtt keen erageloss. **Bréngt w.e.g. Är Convocatioun respektiv Är Identitéitskaart oder de Pass mat.**

# A propos des élections communales

Le 11 juin prochain auront lieu les élections communales au Grand-Duché. Sur le territoire de la commune de Pétange 19 bureaux de vote sont prévus. Vu que la population de la commune dépasse les 20.000 habitants, 19 candidats seront élus cette fois-ci. **Chacun DOIT voter dans la localité de sa résidence.**

### Où sont situés les bureaux de vote?

- À Pétange dans le bâtiment scolaire «An Eigent» (rue Mathias Adam)
- À Rodange dans le bâtiment scolaire «Neiwiss» (rue de la Gendarmerie)
- À Lamadelaine au Centre de loisirs (rue Grousswiss)

Les bureaux de vote sont ouverts de 8h00 à 14h00 exactement. Personne ne saura entrer avant ou après l'heure d'ouverture. **Veuillez vous munir de votre convocation respectivement de votre carte d'identité ou de votre passeport.**

# Sträit an der Noperschaft? D'Mediatioun hëlleft

Hutt Dir keng gutt Relatioune mat engem oder méi Noperen? Wësst Dir net, wéi de Problem ze léisen ass? Da bitt déi Péitenger Gemeng zënter dem Enn vum leschte Joer (Editioun Oktober/November vum Meng Gemeng) de Bierger a Biergerinnen aus der Gemeng d'Méiglechkeet, hire Problem zesumme mat enger qualifizéierter Vermëttlerin ze léisen.

Konkret heescht dat: si versicht bei Sträit wéinst Kaméidi, Planzen déi stéieren, Problemer mat Hausdéieren, wéinst Konstruktiounen a Schied avm. tëscht deene Parteien, déi streiden, ze vermëttelen an zesumme mat hinnen eng Léisung ze fannen, déi fir jiddereen akzeptabel ass.

**Dës Mediatioun ass:**

- gratis a vertraulech
- stellt eng gutt Alternativ zur Justiz duer, déi ganz dacks laang brauch fir e Fall ze beaarbechten an och nach finanziell zu enger Laascht ka ginn

All zweeten Dënschdeg am Mount ass eng Permanence – op Rendez-vous - zu Péiteng am Gemengenhaus, an dat tëscht 10 an 12 Auer esouwéi tëscht 14 a 16 Auer. D'Madamm Raginee Poloogadoo, déi d'Mediaitiounsgespréicher féiert, huet en Diplom an der Mediatioun an e Master's Degree an interkultureller Kommunikatioun a schwätzt Lëtzebuergesch, Franséisch, Englesch, Däitsch an Hindi.

**Kontakt: +352 50 12 51 – 8888**
**oder iwwer e-mail (mediation@petange.lu)**
**Informatiounen op www.psc.lu**



# PÉTANGE

# NATIONAL FEIERDAG

## 23.06.2023 - 15:00-00:00
## JOHN F. KENNEDY PLAZ

**12:30** „BANQUET DÉMOCRATIQUE" AM HOTEL THREELAND ZU PÉITENG

(Informatiounen a Reservatiounen : Syndicat d'Initiative Rodange)

### OFFIZIELL FEIER ZU ROLLENG (LAMADELAINE)

**10:15** Depart am Cortège vum „Centre des Loisirs" an d'Rollenger Kierch – Te Deum

**11:15** Ëffentlech Feierlechkeet vum Nationalfeierdag am „Centre des Loisirs"



**15:30**
**OKE**




**18:00**
**COOL FEET**




AB 15.00 & AFTER-CONCERT
**PARTY**
BIS 00:00
**DJ MILES**

Attraktioune fir Kanner vun de Péitenger Guiden a Scouten
–
Animatioun Z'Chicas



**21:00**
**MAX MUTZKE**

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

Infos: www.petange.lu

imprimerie HEINTZ, Pétange